piraten.lu
N°3788
Entrée le 18.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.03.2026
Chambre des Députés
PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.**

D'EU-Kommissioun huet de 18. Mäerz 2026 d'Propos „EU Inc“ presentéiert, mat der Entreprisë kéinte pan-europäesch Gesellschafte grënnen — komplett online, bannent 48 Stonnen a ouni Mindestkapital. Zil ass et, d'Fragmentatioun am Bannemaart ze reduzéieren an d'Kompetitivitéit vun der EU par rapport zu den USA a China ze stäerken. D'Propos ass awer ëmstridde: Gewerkschafte fäerten eng Ofschwächung vun den Aarbechtsrechter, wärend Industriegruppen d'Feelen vun engem zentrale Geriicht kritiséieren. Lëtzebuerg, als klengt Land mat engem wichtege Finanzplaz an enger staarker PME-Landschaft, kéint besonnesch betraff sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zu der „EU Inc“-Propos der EU-Kommissioun? Huet d'Regierung schonn eng offiziell Positioun oder eng éischt Analys zu dëser Propos ausgeschafft, a wa jo, kann d'Regierung dës publik maachen?

2. Gesäit d'Regierung d'„EU Inc“-Propos als Chance oder als Risiko fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, notamment am Kontext vum Lëtzebuerger Gesellschaftsrecht an der Attraktivitéit vun eisem Rechtskader fir Entreprisen?

3. Wéi beurteelt d'Regierung d'Besuergnes vun de Gewerkschaften, laut deenen d'Méiglechkeet, Aktien-Optiounen amplaz Salairen unzebidden, kéint benotzt ginn, fir aktuell Léin ze drécken? Huet d'Regierung Garantien agefuerdert, fir d'Aarbechtsrechter a Lëtzebuerger Recht ze schützen?

4. D'Industriegrupp EU Inc kritiséiert, datt juristesch Kompetenze bei nationale Geriichter bleiwen, wat

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

27 verschidden Interpretatiounen implizéiert. Deelt d'Lëtzebuerger Regierung dës Bedenken, a wier si bereet, sech fir eng harmoniséiert juristesch Kompetenz op EU-Niveau auszeschwätzen?

5. Wat ass d'Positioun vun der Regierung zum fräiwëlleg Charakter vun der „EU Inc"-Struktur? Gesäit d'Regierung eng Nofro bei Lëtzebuerger PME'en oder Startups fir dës Rechtsform ze benotzen, a wat géif d'Regierung maachen, fir se z'informéieren?

6. Wéi gedenkt d'Regierung, sech an de kommende Verhandlungen tëschent den EU-Memberstaaten an dem Europäescht Parlament zu dëser Propos ze positionéieren, a wëllt si aktiv Ännerungen un dem Propositiounstext fuerderen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten